OPPENE BRÉIF

Eng liberal Äntwert op eng sozial Fro

Departement / Sektioun :	Nationalvirstand	**STAATSMINISTER**
Korrespondent :	Ronald Mordiconi	**HÄR XAVIER BETTEL**
	+352 661 310 999	2, place de Clairefontaine
	rmordico@sozialliberal.lu	L-1341 Luxembourg

Eis Referenz :	SLPL_OL2_APO25112019	
Är Referenz :	/	
Hiwäis / Kopie:	Président CHD Protection de la Jeunesse Service information et presse (SIP) Conseil de Presse Luxembourg Tous les organes de presse	Esch-Uelzecht, de 25.11.2019

BETREFF : DENONCIATIOUN GÉINT DEN DEPUTÉIERTEN HÄR SVEN CLEMENT A MARC GOERGEN

Här Staatsminister Xavier Bettel,

An dësem zweete Schreiwes, well d'Sozialliberal Partei Lëtzebuerg (SLPL) Iech drop opmierksam maachen, dass de Deputéierten Här Sven Clement an Här Marc Goergen mat hirer Partei, Piratepartei Lëtzebuerg, e Verstouss géint de ***Règlement grand-ducal du 23 décembre 2004 concernant les règles de conduite dans les lycées***, gemaach hunn.

Den Här Romain Nehs, Directeur adjoint détaché, fir de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, huet eis am Bréif (Ref: 2019.10/013 – Betreff: Excuse fir de Klimastreik) bestätegt, dass nëmmen Elteren oder den Erzéiungsberechtegte bei mannerjäregen Schüler eng Dispens vun de Couren ufroen kann. Déi selwecht Bestätegung hu mir och telefonesch vun der Protection de la Jeunesse kritt.

D'Sozialliberal Partei Lëtzebuerg ass der Meenung dass een dem Här Sven Clement an dem Här Marc Goergen seng politesch Immunitéit ofhuele soll.

D'SLPL verurteelt kritesch esou eng Virgoensweis vun den Deputéierten déi net den aktuelle Gesetzestexter entsprécht an distanzéiert sech vun esou politesch Praktiken.

An dësem Kontext wëlle mir gär déi folgend Froe stellen:

1. Ass dat Verhale vun den Deputéierten mam Deontologieskodex kompatibel ?
2. Wéi ass et mat der politescher Immunitéit vun engem Députéierten, gëllt se just nëmmen am Plenum ? *(Den Artikel 68 schreift: "Aucune action, ni civile, ni pénale ne peut être dirigée contre un député à l'occasion des opinions émis par lui dans l'exercice de ses fonctions)*
3. Wéi vill Excusen u mannerjäreg Schüler sinn vun den Deputéierten an der Piratepartei ausgestallt ginn ?

4. Gett dat Onlineformular dat ëffentlech op der Websäit vun der Piratepartei steet erof geholl ?
5. Wat fir Schrëtt ginn an dësem Kontext géint des Infraktioun ageleet ?
6. Gett eng Ethikkommissioun aberufft ?

An Erwaardung Iech ze liese soen Ech Iech, Här Staatsminister, villmols Merci a verbleiwe mat respektvolle Gréiss.

Am Numm vun der Partei **Ronald Mordiconi**
Nationalpresident

Bäilag: Éischt Ufro vun der SLPL Partei (19.09.2019)
Éischt Äntwert vum Educatiounsminister (Ref: 2019.10/013)
Excuse (Piratepartei),
Printscreen Websäit (Piratepartei) mat dem Onlineformular
Printscreen Mail (Piratepartei)